PIRATEPARTEI LËTZEBUERG
1A, RUE DE LUXEMBOURG
L-8184 KOPSTAL

Lëtzebuerg, den 9te Mäerz 2020

Communiqué iwwert d'Muffelen zu Iechternach

D'Pirate fuerderen eng breet an differenzéiert Debatt iwwert d'Juegd an iwwert de Stellewäert vum Déiereschutz zu Lëtzebuerg.

- D'Ëmweltministesch bemierkt an der Äntwert op d'Question parlementaire n° 1746 vum Marc Goergen, datt d'Muffelproblematik zu Iechternach een « juegdleche » Problem ass an deemno och sollt iwwert d'Juegdgesetz geléist ginn. D'Pirate gesinn de Problem aus enger Déiereschutz-Perspektiv. Fir d'Pirate steet an dësem Fall de **Schutz vum Déier** un éischter Plaz.

- De Piraten ass bewosst, datt d'Muffelen zu Iechternach Schued un einheimesche Beemarten uriichten. D'**environnemental Grënn** sti fir d'Piraten deemno an dësem Fall un zweeter Plaz, hannert dem Wuel vum Déier. Den Zoustand vum Bësch mécht och de Pirate Suergen. Dëst duerf awer kee Grond sinn fir de Muffelen d'Liewen ze huelen.

- De Piraten ass bewosst, datt d'Muffelen eng exogen Aart sinn. Urspréinglech kommen d'Muffelen aus der Corse, enger fielseger Géigend, wou d'Déieren optimal Liewenskonditiounen hunn a rezent souguer vum franséische Staat ënner Schutz gestallt goufen. D'Pirate plaidéieren dofir, datt d'Muffelen an hiert Heemechtsgebitt **zréck bruecht ginn**, respektiv an een **déiereschutzkonformen Déierepark bruecht ginn.** Weider Alternative wéi d'**Steriliséieren** komme fir d'Piraten och a Fro.

- D'Pirate wëllen datt sech kritesch mat de Grënn fir d'Präsenz vun de Muffelen zu Lëtzebuerg ausernee gesat gëtt an datt de Public opgekläert gëtt iwwert eng Juegdpraxis (Tropheeëjuegd), déi letztendlech dozou gefouert huet, datt et iwwerhaapt eng Iwwerpopulatioun u Muffele gëtt. **Mir brauchen ee modernt, déiereschutzgerecht**

Juegdgesetz, wat esou eng Juegdpraxis, wéi déi vun der Tropheeëjuegd an Zukunft verhënnert an dat illegaalt Aussetzen vun esou Déiere resolut penaliséiert.

- D'Ministesch huet an der Äntwert op d'Question parlementaire n° 1746 drop higewisen, datt d'Afänke vun de Muffelen duerchaus a Consideratioun gezu kéint ginn. Dës Äntwert vun der Madamm Ministesch steet iwwerdeems am Widdersproch zu der Äntwert op d'Question parlementaite n° 1623, wou d'Madamm Ministesch schreift, datt d'Afänken am Juegdgesetz net virgesinn ass an deemno illegal wier. D'Afänken ass allerdéngs duerchaus am Naturschutzgesetz virgesinn a kann op Uerder vun der Ministesch bewëllegt ginn. D'Pirate fuerderen, datt dës Optioun intensiv gepréift gëtt, ier datt d'Déieren enger administrativer Juegt zum Affer falen.

- D'Pirate wonneren sech iwwerdeems iwwert de Constat vun der Madamm Ministesch, datt d'Muffelen an den aneren Deeler vum Land (Parc Hosingen a Kaundorf) offensichtlech kee Problem duerstellen. Dëst geet aus der Äntwert op d'Question parlementaire n° 1402 ervir. An der Äntwert op d'Question parlementaire n°1623 heescht et: „Sollten an deenen aneren Gebitter, wou hei am Land Muffele virkommen, ähnlech héich Schied am Bësch opkomme wéi an der Regioun Iechernach, wäerten och do administrativ Juegden organiséiert ginn." D'Piraten fuerderen méi Kohärenz an eng méi déiereschutzgerecht Approche an dësem Kontext.

- D'Pirate begréissen, datt d'Ministesch der Fuerderung vum Iechternacher Buergermeeschter, fir d'Muffele mat Hëllef vun der Arméi an der Police ze joen, net nokomm ass.